Wee2050
nee2015

# Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué 11.1.2017

**Déi politesch Mëtt ass kloer géint de 700.000-Awunnerstaat.**

Et gëtt vun der Politik vill vum Milliounestaat geschwat, mee schonn eleng de 700.000-Awunnerstaat ass fir d'Lëtzebuerger inakzeptabel.

Mir wëllen un eng ILRES Ëmfro, wou Folgendes eraus komm ass, erënneren: *"Dépasser le seuil des 700.000 habitants est inacceptable pour les trois quarts de la population."*

De Message vun de Leit un d'Politik ass kristallkloer: Bremst de staarken onkontrolléierte Wuesstem!

Esouguer 95% fannen den 1-Millioun-Awunnerstaat inakzeptabel. Wéi ass et da méiglech, datt eis Politiker nach vun engem méiglechen 1-Millioun-Awunnerstaat schwätzen?

Firwat gi si géint de Wëlle vum lëtzebuerger Vollek? Oder menge si datt mir keng Kontroll méi iwwert eis Zukunft hätten, an loossen dofir dem Wuesstem fräie Laf?

Mir hunn eng gewësse Kontroll a mir kënnen, wa mir wëllen, eis bewosst méi Kontroll ginn.

Mir héieren och ëmmer méi dat heiten: "Liewensqualitéit ass méi wichteg wéi Liewensstandard!" Héich Loyeren an Wunnengspräisser, ëmmer méi Stau, méi Zoubetonéierung....

Mir haten eis virgeholl de Wuesstem ze thematiséieren. **Mir sinn houfreg drop dat erreecht ze hunn.**

Hei sinn eis Ziler zum Wuesstem, formuléiert am August 2015:

5. Fir en nohaltegen, kontrolléierten Wuesstem bis 2050
5.1. De Wuesstem deen op e staarkt Zouhuele vun der Immigratioun an de Grenzgänger baséiert, thematiséieren.
5.2. D'Konsequenze vum Wuesstem op eis Liewensqualitéit diskutéieren (z.B. Wunnengsnout, Verkéierschaos, Ëmweltproblemer, a Verbauung).
5.3. D'Käschte vun neier Infrastruktur fir de Staat thematiséieren (z.B. nei Autobunnen, Schoulen, Staatsbeamten, Waasserversuergung an Spideeler).
5.4. D'Ofhängegkeet vun eise Sozialsystemer vun engem staarke Wuesstem thematiséieren.

d'Initiativ *Wee2050*
Mail: kontakt@wee2050.lu




*sondage OUR VISION sur l'avenir du Luxembourg par TNS ILRES en juillet 2012*

Hei nach eng Kéier den Artikel no deem d'Wuesstemsdebatt richteg opkoum (vum 19. Mäerz 2016 am Wort)

Den 1-Millioun-Awunner-Staat?

# Heiansdo ass manner méi!

Lëtzebuerg wiisst a wiisst a wiisst: Pro Joer ëm duerchschnëttlech 13 000 Awunner, wat e Wuesstem ausmécht vun 2,3 Prozent pro Joer. Fir de Verglach: Schweden läit an der EU op zweeter Plaz mat nëmmen 1 Prozent. Eng einfach Héichrechnung ergëtt dann eng Steigerung vun haut 563 000 Awunner op am Joer 2050 1 247 830 Awunner. D'Etude „Europop 2013" gesäit allerdings fir 2060 „nëmmen" 1,1 Milliounen Awunner fir.

Den Nohaltegkeetsminister François Bausch wëll „net doriwwer spekuléieren", seet awer, dass 700 000 oder 800 000 Awunner realistesch wieren, ouni awer ze preziséieren, wéini datt da sollt sinn. Weider seet de Minister, dass mir fir eis Economie an eisen héije Liewensstandard den héije Wuesstem bräichten. Woubäi gewosst ass, dass en héije Wuesstem och erëm en héije Wuesstem an Zukunft viraussetzt, dass mir also an enger Spiral no uewe gefaange sinn, an iergendwann eis Kanner a Kandskanner d'Konsequenzen ze spiere kréien, wa se d'Rad mussen erëmräissen. Och direkt bréngt den extrem staarke Wuesstem, baséierend op e staarkt Zouhuele vun der Immigratioun an de Grenzgänger, ganz vill Problemer mat sech an huet Konsequenzen op eis Liewensqualitéit (z. B. Wunnengsnout, Verkéierschaos, Ëmweltproblemer, a Verbauung). Jidderee mierkt haut schonn, wat et bedeit, all Joer 10 000 Autoe méi op der Strooss ze hunn. En héije Wuesstem féiert weider dozou, dass nei Infrastrukture musse gebaut ginn. Wéi vill kaschte schlussendlech all déi nei Autobunnen, Eisebunnslinnen, Schoulen, Sportshalen, Dreckstippen, Spideeler asw? Wéi soll d'Waasserversuergung fir eng Millioun Awunner garantéiert ginn? Wéi vill Beamten, Polizisten, Pompjeeën a Léierpersonal wäerten am Joer 2050 gebraucht ginn, bei enger Millioun Awunner? Ganz aner Froen stelle sech dann a puncto Zesummeliewe vun de Leit hei am Land. Wou sollen déi 500 000 nei Awunner iwwerhaapt hierkommen? Wéi soll d'Integratioun vun hinne fonktionéieren?

An de leschten honnert Joer hu sech d'Awanderer an engem laange Prozess schlussendlech gutt zu Lëtzebuerg integréiert.

Während et fir déi éischt Generatioun ëmmer schwéier war, hu sech besonnesch d'Kanner, dank der Lëtzebuerger Schoul, gutt integréiert an hunn nieft Lëtzebuergesch och Däitsch a Franséisch geléiert. Vill vun hinnen huelen och déi Lëtzebuerger Nationalitéit un. Haut ass dat méi schwiereg, well et gëtt ëmmer méi Kanner, déi net an de Lëtzebuerger Schoulsystem ginn, an ausserdeem ass d'Zuel vun Immigranten an de leschte Joer immens staark geklommen.

An deem Sënn misst d'Schoul onbedéngt hir duebel Roll bäibehalen, déi éischtens doran besteet, de Kanner déi beschtméiglech Startchancë fir d'Liewen ze ginn an, zweetens, dass si och déi Plaz ass a bleift, wou d'Basis fir d'sozial Kohäsioun (!) geluecht gëtt. Grad an engem Land mat esou vill Ausländner a mat esou engem staarke Wuesstem ass d'Zesummeliewe léieren dat Wichtegst. An fir zesumme kënnen ze liewen, muss een eng gemeinsam Sprooch hunn.

Während de Précoce geschaaft ginn ass, fir datt déi auslännesch Kanner Lëtzebuergesch léieren a sou besser virbereet an d'Primärschoul ginn an op deem Wee eng besser Integratioun an e bessert Matenee soll erreecht ginn, ginn et haut Pläng, fir am Précoce och scho Franséisch anzeféieren.

E Franséisch-Unterrecht am Précoce, mam wahrscheinlechen Zil, fir d'Alphabetiséierung op Franséisch anzeféieren, géif engersäits dozou féieren, dass d'Roll vum Lëtzebuergeschen ofhëlt, an anerersäits wier et fir dat soziaalt Zesummeliewe falsch, well et zu Parallelgesellschafte géif féieren, wou déi vill Awunner dann niefteneen anstatt matenee géife liewen. Et kann een also bei sou Iddie staark drun zweiwelen, ob et och am Milliounestaat vun 2050 déi sou wichteg Solidaritéit zwëscht den Awunner nach däerft ginn.

Dofir sollte mir eis staark maachen, fir d'Integratioun an dat soziaalt Zesummeliewen an der Gesellschaft ze erhalen. An hei spillt eis Sprooch eng ganz wichteg Roll.

Dofir sollt alles gemaach ginn, fir den auslännesche Matbierger et besser ze erméiglechen a si och ze motivéieren, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Dat kann awer just an enger Gesellschaft passéieren, an där d'Lëtzebuerger Sprooch eng méi héich Visibilitéit kritt duerch eng Präsenz am Alldag (wat natierlech net ausschléisst, dass och weiderhin aner Sprooche benotzt ginn).

De lëtzebuergeschen eenheetleche Schoulsystem muss als beschten Integratiounswee promovéiert ginn, an de Précoce muss do sinn, fir datt déi auslännesch Kanner Lëtzebuergesch léieren. Schlussendlech stellt sech d'Fro, ob mir weider esou ee Wuesstem wëllen oder ob et net aner Weeër gëtt.

Am Hibléck op eis Kanner a Kandskanner sollte mer de staarke Wuesstem an all seng negativ Konsequenzen hannerfroen. Heiansdo ass manner méi!

Fred Keup, Mamer
Initiativ Wee2050 / nee2015